Vill Action a Spaass

J. 2.07.2018

Summervakanze mat „Young Caritas“ (1)

Jidderee kritt d'Méiglechkeet fir mat an d'Vakanz ze goen

Foto: Editpress/Tania Feller

LËTZEBUERG
LJ

All Joer bitt „Young Caritas“ („Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l.“) vill verschidde Kolonie fir Kanner a Jugendlecher un. Dës Kolonie ginn net nëmmen duerch en uspriechend Vakanzenzil onvergiesslech mä och duerch ënnerschiddlech fräiwëlleg Moniteuren, déi dat ganzt leeden a gestallten.

Lass geet et den 21. Juli mat der Kolonie „Fann den Nemo“ um Misaershaff fir Kanner vun sechs bis aacht Joer, eng Rees, déi vill Iwwerraschunge mat sech bréngt. „E viva Espana“ vum 25. Juli bis den 7. August ass dann déi éischt Auslandskolonie dëse Summer, an zwar a Spuenie mat vill Sand, Sonn an Waasser fir Kanner zwëschen aacht an zwielef Joer. Traditionell steet och erëm d'Kolonie „Camargue II“ während zwielef Deeg fir Jugendlecher am Süden vun Frankräich um Programm. Zwou Wochen an Éisterräich gëtt et fir déi Jonk vun aacht bis zwielef Joer bei „Hills, Sun and Fun“.

Erëm zeréck zu Lëtzebuerg organiséiert „Young Caritas“ nach zwou weider Kolonien: Fir déi Sechs- bis Aachtjähreg geet et vu Bilsdorf aus „An sechs Deeg ëm d'Welt“ an déi Jonk zwëschen aacht an zwielef Joer erwaart vum 19. bis den 29. August vill Action a Spaass zu Diddeleng bei „Léifreg Aktiv goes South“.

Bei der „Young Caritas“ kritt jiddereen d'Méiglechkeet fir mat an d'Vakanz ze goen. Kanner oder Jugendlech aus sozial schwaache Familllen kënnen eng individuell Präisreduktioun ufroen.

Weider Informatiounen zum Programm an aneren Aktivitéiten fënnt een op: www.youngcaritas.lu